CGDIS

Här President,
Dir Dammen an Hären,

De 14. Februar 2017 koum et tëschent Beetebuerg an Diddeleng zu engem schwéieren Zuchaccident.

Op der Plaz waren déi lokal Pompjeescorps'en aus der Emgéigend déi hirem Buergermeeschter ënnerstallt sinn.

Ambulanzen a Spezialmaterial vun der Protection Civile, déi der ASS ënnerstallt sinn, de SAMU an d'Stater Beruffspompjeen.

Asazleeder op der Plaz war deemols de renomméierten Kommandant vun de Stater Berufspompjeen.

Och wann op dësem Asaz d'Rettungsmoosnamen sécher fachgerecht a kompetent ofgelaaf sinn, sou war et awer eng Konstellatioun déi u sech néierens virgesinn ass.

Et huet funktionnéiert well et muss funktionnéieren.

A Nout stellt keen sech vill Froen, wien engem hëlleft.

Pompjee oder Protex, fräiwëlleg oder haptberuflech ...

De Leit aus de Rettungsdéngschter waren dës Trennungen an de leschte Joer och net méi wichteg.

Et gouf pragmatesch um Terrain zesummegeschafft.

Wat feelt, ass eng legal Basis fir kloer Kommandostrukturen, Kompetenzen a Formatioun.

**Här President,**

Eis Rettungsdéngschter leeschten eng enorm Aarbecht. Se sinn do. Rondrëm d'Auer.

2017 sinn 262.000 Appels beim 112 agang. 1/4 dovun waren Urgencen. Dat mécht 176 Asäz den Dag.

2016 goufen et 16.892 Asäz fir Pompjeen, dovun 2.316 Bränn. 3.949 aktiv Pompjeen koumen 2016 op 96.137 Asazstonnen.

Fraen a Männer aus de Rettungsdéngschter ginn net alleng an den Asaz.

Hannert all Fräiwëllegen. Hannert all Professionnellen steet och eng Famill.

An déi ginn och mat an den Asaz. Liewen mat dësem Engagement.

Dag an Nuecht. A se kënne wuel dacks och net schlofen well se sech Suerge maachen.

Esou laang een selwer net a Nout ass, mécht een sech vläit net vill Gedanken wéi eise Rettungsdéngscht organiséiert ass.

Munchereen krut vläit nach net mat, dat d'Réckgrat vun eise Rettungsdéngschter ronn 4.000 Fräiwëlleger sinn.

Fir vill vun eis ass dëse Service… dësen Déngscht … eng Selbstverständlechkeet.

Mee schonns virun iwwer 10 Joer huet sech gewisen, datt op Dauer dëse Service ëmmer manner selbstverständlech géng ginn.

Zuel vu Biergerinnen a Bierger déi bereet sinn, Rettungsdéngscht ze leeschten ass réckleefeg.

Tëschent 2001 an 2015 ass se bei de Pompjeen vun 6.642 op 5.178 erofgang. Bei der Protex vun 2.250 op 1.854. Zuel vun den Asätz dogéint déi klëmmt.

Am selweschten Zäitraum (2001 bis 2015) ëm gutt 1/3 vun 58.213 op 75.152.

An d'Komplexitéit vun den Asäz klëmmt. An d'Geforepotential evoluéiert. Fir dëser Komplexitéit gerecht ze ginn, gëtt méi Formatioun verlaangt. Dës Komplexitéit schreckt natierlech och munchereen of a féiert erëm dozou dat manner Leit asazbereet sinn. Trotz allem Engagement.

De Constat war gëschter. De Constat ass haut : Eis Rettungsdéngschter sinn op Dauer nëmmen nach bedingt asazbereet.

**Här President,**

Dëse Constat huet zur Conclusioun gefouert datt mer eis Rettungsdéngschter missten reorganiséieren. Dat mer Pompjeeswiesen a Protection Civile sollten zesummeféieren.

Mee dës Conclusioun war méi séier gezunn, wéi ze realiséieren.

An de Joeren wou d'CSV um nationale Niveau d'Responsabilitéit fir d'Rettungswiesen gedroen huet, sinn éischt Schrëtt an dës Richtung geholl hunn. Eenzel Corps'en an

Zentren hunn Pionéieraarbecht geleescht an d'Mauer tëschent Rouden a Wäissen agerappt. Den Ufank vun dëser Reform huet um Terrain ugefang.

Protex ass mat Professionellen Ambulancier verstäerkt ginn.
Et gouf vill Iwwerzeegungsaarbecht geleescht.

Am Joer 2010 gouf en Expertegrupp agesat, deen eng Analyse iwwert eis Rettungswiesen virgluegt huet.

D'Recommendatioun vun den Experten war kloer, Protex a Pompjeen sollten an engem Etatblissement public zesummegefouert ginn.

Ënner dem Jean-Marie Halsdorf goufen Aarbechtsgruppen agesat, fir op Basis vun dëse Conclusiounen a Recommendatiounen eist Rettungswiesen nei z'organiséieren.

An et gouf e Plang opgestallt fir dëst Zil mëttelfristeg z'erreechen. Mir hunn eis als CSV am Wahlprogramm 2013 dozou engagéiert an enger nationaler Struktur Protex a Pompjeen zesummen ze féieren. Geleet a finanzéiert vu Staat a Gemengen.

Den Innenminister huet virum Summer 2015 e Gesetzprojet déposéiert a mir hunn deen mat vill Interessi analyséiert.

Ech wëll virop soen, Här Minister, Dir hutt de Verdéngscht, dës Reform virugedriwen ze hunn an Dir hutt Iech getraut en Text op den Dësch ze léen.

Ech denken wuel wëssend dat en net perfekt wier, a géif vu ville Säiten streng ënnert d'Lupp geholl ginn.

Mir waren deemols mat enger Rei Punketen am initialen Projet net averstanen oder soe mer, mir hätten en anere Wee ageschlo.

Dat hat mat dem zukünftegem Rôle vun de Gemengen, souwéi dem Iwwergang vun Zentren a Material an de CGDIS ze dinn.

Awer och mat der Kompositioun vum Verwaltungsrot, Froen vum Recrutement a net zu lescht mat der Extrawurscht fir d'Stad Lëtzebuerg.

Kritiken déi zum Deel och vum Syvicol an aneren gedeelt goufen.

Mir waren net iwwerzeegt dat Är Methode besonnesch zielführend war.

Vill Zäit ass an der Prozedur verluer gang well den Texte net prett war.

Eng Rei Punkten hätt een bestëmmt kënne mat de Concernéieretn an och parteiiwwergräifend am Virfeld klären an et hätt een duerch Diskussioun munch Onrouh kenne vermeiden.

Är Method fir virum Vote vun engem Gesetz esou ze maachen an z'agéieren wéi wann d'Gesetz schonn géif gëllen.

Déi Methode vum Innenminister fënnt och hei net eis Zoustëmmung. Esou wéineg wéi se dat am Dossier Kierchefabriken fonnt huet. De Respekt viru Verfassung a Chamber verlangt dat Gesetzer fir d'éischt gestëmmt an dann vun der Regierung exekutéiert ginn.

Bei dësem Projet huet sech och bewisen dat Gesetzer d'Chamber net esou verloossen wéi de deposéiert goufen.  Well vum initiale Projet vum Minister ass net méi vill iwwreg bliwen. Praktesch all déi 120 Artikel goufen ëmgeschriwwen.

**Här President,**

Den éischten Avis vum Staatsrot, huet op sech waarde geloos, dat stëmmt. Mee et muss een dem Staatsrot ze gutt halen, dat et jo keng einfach Matière ass, a sech eng Rei vu kompliziéierte Froen gestallt hunn. Et huet Oppositions formelles gereent.

Mir hunn eis an der Kommissioun Zäit geholl fir eng Fro no der aner ze diskutéieren an eng Léisung ze fannen.

Ech denken datt ech kann hei soen datt mer dës Aarbechten an engem konstruktiven Geescht gemeeschtert hunn.

An esou gouf den initialen Texte op Basis vum Avis vum Staatsrot an den Diskussiounen an der Kommissioun frësch geschriwwen.

Wéi dacks d'Navette tëscht Kommissioun a Staatsrot nach gang ass, konn Der dem Rapport vum Här Arndt enthuelen.

**Här President,**

Hu mer mat dësem Gesetz ab dem 1. Juli 2018 e perfekten Rettungsdéngscht?

Ech denken net. Mat dësem Gesetz schaffen mer d'Grondlag fir eist Rettungswiesen nei ze strukturéieren.  E Kommandant huet folgend Bild gebraucht: D'Schëff fiert elo an de Niwwel a keen wees wou den Äisbierg schwëmmt. Jo, et ass eng ongewëss Rees.

Denke mer nëmmen un den Iwwergang vun de kommunalen Infrastrukturen an dem Fuermaterial an de CGDIS.

Mat dësem Gesetz brieche mer eng laang Traditioun.

Waren bis elo Gemengen fir d'Pompjeeswiesen zoustänneg, sou wäert sech mam CGDIS d'Relatioun tëscht Gemeng a Corps änneren.

D'Gemengen bleiwen zwar an der Responsabilitéit awer nëmmen nach iwwert den Ëmwee vum CGDIS.

Gemengen hunn iwwer gewielte Vertrieder am Verwaltungsrot vum CGDIS e Matsproocherecht, mee et ass awer par rapport zu haut staark limitéiert an op engem anere Niveau.

De Buergermeeschter kann den Asaz vum CGDIS requisitionnéieren mee dat dierft u sech an der Praxis iwwer den 112 vum selwen laafen.

Op mer déi lokal Verankerung, den Austausch an d'Kooperatioun déi op ville Plazen ganz gutt fonktionnéiert an déi nei Zäit transposéiert kréien, wier u sech wënschenswäert.

Vill Gemengen loossen hiert Personal och während der Schaffzäit an den Déngscht goen. An d'Gesetz schréift jo och vir, dat all Patron dat eigentlech soll maachen.

Och de CGDIS ass weider op Fräiwëlleger ugewisen an ass op d'Gemengen ugewisen hir Leit weider och am Rettungsdéngscht aktiv sinn ze loossen.

Eng Rei Gemengen hunn och Personal direkt an hirem Zenter affektéiert. Dës Matarbechter kenne sech elo décidéieren op se an de CGDIS wëlle wiesselen oder bei der Gemeng bleiwen. Keen soll eppes beim Wiessel verléieren.

Um lokale Plang war et bis elo op ville Plazen am Emgang einfach a schnell. Wann eppes huet missen an engem Zenter ersat oder erneiert ginn, da waren d'Wéeer meeschtens kuerz.

E Pompjee wäert keen Verständnis hunn, wann d'Ersetzen vun enger Autosbatterie op eemol e schwéierfällegen administrative Virgang a Bewegung setzt.

Hei waart op den Direkter a de Verwaltungsrot eng Herkulesaufgab. Zwee Joer Iwwergangszäit sinn keng Eiwegkeet fir mat 102 Gemengeresponsabel eens ze ginn.
An op déi Responsabel an de Gemengen kennt natierlech och eng Erausfuerderung uer. Se mussen sech op hirer Säit op dës nei Zäit preparéieren.

Eis schengt et dofir immens wichteg, datt elo keng Zäit verluer geet fir d'Gemengen am Détail z'informéieren wat usteet a wat vun hinnen verlangt gëtt.

E brauch een net vill Fantasie fir sech virzestellen, dat dëst an der enger oder anerer Gemeng nach kann komplizéiert ginn.

Fir d'Material muss een sech eens ginn wat an de CGDIS geet, wat bléift bei der Gemeng.

Gemengen hunn zwar en theoretesche Choix fir d'Material ze halen, mee wann se e funktionnéiernden Rettungsdéngscht wëllen a wien wëll dat net, dann hu se eigentlech keen anere Choix wéi dem CGDIS dat ze ginn, wat e brauch.

Bei de Gebäier an den Terrain dierft et nach eng Grëtz méi komplizéiert ginn. *Mee mir hunn elo jo d'Erfahrung mat de Kierchegebäier hannert eis.*

Wiem gehéiert den Terrain? Wiem d'Gebäi? am Prinzip dem Propriétaire vum Terrain. Ass schonns alles kloer delimitéiert?

An dann muss een sech iwwert de Wee eens ginn wéi alles dem CGDIS soll zur Verfügung gestallt ginn.

Verlounen? Iwwer Emphytéose oder Droit de Superficie? ... alles spannend Froen, déi fir Freed dierften suergen.

Et gëllt op verschiddenen Plazen nei Zentren ze bauen, och dëst dierft nach eng Erausfuerderung ginn. Well d'Erwaardungen sinn grouss an Gedold ass kleng.

Dobäi kennt jo, dat vum CGDIS erwaart gëtt, eng Gemeng wéi déi aner ze behandelen.

Dës Diskussiounen sollen an däerfen net zu engem Bazar ausarten. Dofir ware mir och der Meenung dat d'Konditiounen a Critèren vun dësen Transferten mussen an engem Règlement grand-ducal transparent a novollzéibar fixéiert ginn. Mir bedaueren dat dëst elo nach net virleit. Mir konstruéieren doraus kee stramme Virworf un Iech.

Mee et wier awer besser wann do méi Kloerheet zu dësem Zäitpunkt géif bestoen.
Et bléift jo keng Eiwegkeet Zäit fir dëst ze klären, well déi Negociatiounen mat de Gemengen mussen vum CGDIS zügeg an Ugrëff geholl ginn.

Déi verschidden Zentren sollen je noch asatzfähegkeet a Kategorien agedeelt ginn. Zentren ginn a Groupementer an d'Groupementer nees a véier Zonen oder Bezierker: Norden, Osten, Zentrum a Süden agedeelt.

Elo ass et jo esou dat u sech nom Gesetz e Plan national d'Organisation des Secours soll erstallt ginn.

An op Basis vun deem natierlech och Zentren missten definéiert oder konfirméiert ginn. Déi bekannte Kaart huet Zentren awer schonn kategoriséiert. Kann sech un dëser Kaart op Basis vun den Erkenntnisser vum PNOS nach eppes änneren?

Zwou Bemierkungen nach dozou. Déi Kategoriséierung vun réimesch I bis IV mat engem IIbis ass e bëssen droleg a vläit waer et méi einfach duerch ze numeréieren.

Och bei den Nimm vun de Groupementer hat wuel Een eng ganz poetesch Oder. Mee ech froe mech op Norden 1 bis 4 asw. net méi einfach wier, och an der Praxis.

**Här President,**

Wann dës Reform elo wierkt, de CGDIS seng Aarbecht ophëllt, da sinn d'Gemengen weider gehalen, d'Rettungsdéngschter nach virzefinanzéieren während der Iwwergangszäit. Wëssend, dat duerno soll en Décompte gemaach ginn. D'Gemengen sinn awer och gehalen hir Contributioun an de CGDIS ze bezuelen.

Se mussen also elo eng Zäit laang virstrecken an abezuelen. Et ass dofir am Interessi vun de Gemengen dës Iwwergangszäit net ze lang daueren ze loossen, a kloer Verhältnisser sinn besser wéi Duercherneen.

Mir hunn lang iwwer dës Punkten diskutéiert an et waren jo ënner anerem och dës Froen déi de Staatsrot bis an de leschten Avis beschäftegt hunn.

Mat dësem Gesetz suerge mer an enger éischter Phase fir vill Gewulls. Et brauch een also op beide Säiten eng gutt Preparatioun an e kloere Kapp.

Dofir fuerdere mer dozou op fir déi neideg Informatioun a Begleedung vun de Gemengen ze suergen.

**Här President,**

Mat dëser Reform gëtt de CGDIS als Etablissement Public geschaff mat Generaldirekter an Direktiounen. Och hei lee mer elo nëmmen de Grondsteen vun enger neier Struktur déi muss mat Liewe gefëllt ginn. Wou Responsabilitéit muss iwwerholl ginn.

Mir wëssen dat sech d'Administratiounen schonn op déi nei Zäit preparéiert hunn.

Mir waren - dëst ass allerdengs eng kritesch Bemierkung - net begeeschtert, wéi beim Recrutement de Beamtenstatut sollt an Eenzelfäll iwwergang ginn.

Och wann ee kann novollzéien, dat een déi bescht Leit brauch a wëll. Sou mussen awer elementar Reegelen respektéiert ginn a mir waren u sech frou dat de Staatsrot hei eng Bremse ageheit huet.

Mir hätten eis op Dauer keng Freed gemaach, wann et Schoul gemaach hätt, dat déi eng mussen Examen maachen fir bei de Staat an anerer géifen do lanscht kommen.

Mam CGDIS gëtt de Statut vum Beruffspompjee nom Virbild vun der Stad Lëtzebuerg elo national agefouert. Den Iwwergang vun de Stater an de Findel-Berufspompjeen war keen einfachen Exercice.

Et kann een och novollzéien, dat Leit retizent sinn, wann se sollen de Patron wiesselen. Et ass e mënschleche Reflex dat ee léiwer dat behällt wat ee kennt.  Munch Bedenken hu missen aus dem Wee geraumt ginn. A munch Bedenken loossen sech dann elo well

an Euro ausdrécken. Mee mir gesinn et awer och esou dat dës Reform net dorunner soll scheiteren.

Well de Rettungsdéngscht deen assuréiere mer net mat Direktiounen an engem Verwaltungsrot an och net mat Buergermeeschter oder engem Minister.

Mir assuréieren de Rettungsdéngscht nëmmen mat motivéierten Pompjeen déi bereet sinn an den Asaz ze goen. Motivéiert Pompjeen op se dat haaptberuflech maachen oder am Benevolat.

Mir daerfen net vergiessen bei aller Diskussioun iwwer déi Haptberuflech an hire Statut dës nëmmen 10% vum Effektiv ausmaachen. Déi Fräiwëlleg bleiwen och am CGDIS d'Réckgrat vun eise Rettungsdéngschter.

Well awer d'Bereetschaft ofhëllt an den Asaz ze goen musse mer déi besonnesch ënnerstëtzen, déi nach ëmmer dëst Engagement bréngen.

Et ass en Engagement wéi kaum een anert. Et bréngt Geforen mat sech. E geet ëm Mënscheliewen. Et ass zäitopwendeg. Et ass net am Viraus ze plangen.

Wann eng Musek net kann spillen well net genuch Museker Zäit hunn, dann ass dat schued an traureg. Wann en Asaz net kéint gemaach ginn, well keng Leit do sinn, dann ass dat eng Katastrof.

Dofir ass et richteg, dass mat dësem Gesetz eng Rei vun Mesuren festgehal ginn fir den Asaz vun de Volontären z'honoréieren.

- eng Indemnitéit fir Asazsstonnen
- d'Méiglechkeet vun enger Zousatzpensioun oder Krankeversécherung, déi zum Deel rembourséiert gëtt

Mir verlangen als Gesellschaft vill vun de Volontären. Net nëmmen Asazbereetschaft an Déngscht. Mee och eng beschtméiglech Formatioun. Mat dësem Gesetz lee mer och hei de Grondsteen fir de Formatiounszenter deem säin Gebäi um Rondpoint Gluck mat um wuessen ass. Mir mussen dës Geleenheet notzen fir nei Fräiwëlleger ze motivéieren...

**Här President,**

Vergiesse mer net ëm wat et hei geet. Mir wëllen, mir mussen e Rettungsdéngscht am ganze Grand-Duché rondrëm d'Auer och an Zukunft kënnen assuréieren. Mir wëllen sécherstellen dat een egal wou een am Land a Nout geréit séier a kompetent - a 15 Minuten - gehollef kritt. Mir wëllen assuréieren dat eis Leit déi an den Asaz ginn gutt preparéiert a gutt equipéiert sinn. Iwwerall am Land. An de Minister kéint vläit och nach emol hei confirméieren dat och de SAMU-Déngscht am ganze Land wäert assuréiert bleiwen, fir déi Rumeuren aus der Welt ze schafen, déi awer kleng Welle geschloen hunn.

Keen wënscht sech en Accident oder Feier oder soss e Noutfall, mee mir all se frou wa mer wëssen wann ech 112 rufen da kréien ech gehollef.

Als Biergerinnen a Bierger wëlle mer eis op eise Rettungsdéngscht kenne verloossen. Et ass eng Saach vum Vertrauen. An och déi Responsablitéit am Staat an an de Gemengen droen vertrauen am Eeschtfall op hier Equipen dat se do sinn an d'Saach am Grëff hunn.

CIGL?

Mir sinn eise Rettungséquipen Respekt schëlleg. De Minister Kersch huet bei der Neijorsreceptioun mat Recht dorop higewisen.

Et ass net akzeptabel wann déi déi hëllefen ugepöbelt a schlëmmer nach agresséiert ginn. Dir hat bei dëser Receptioun annoncéiert, Dir wéilt mam Justizminister Récksprooch huelen op een fir esou Virfäll net misst d'Sanktiounen verschärfen.

Ech wéilt dofir froen, op Der hei zu Conclusiounen komm sidd mam Här Braz a wat soll geschéien. Dir hat och eng Etude an eng Sensibiliséierung ugereegt. Mir sinn do méi skeptesch.

Mir brauchen eigentlech keng Etude a mir mengen och net dat mer fir de Respekt virun eise Pompjeen musse laang a breet sensibiliséieren. Wien sech de Rettungsdéngschter an de Wee stellt, soll d'Konsequenzen spieren. Hei kann et fir Feelverhalen keen Versteesdemech ginn. Wien hëlleft muss sech net och nach beleidegen an agresséieren looosen.

**Här President,**

Natierlech huet de Rettungsdéngscht e Käschtepunkt. Mir haten als CSV eng Commission Jointe gefrot fir iwwer de globale Käschtepunkt an d'Bild gesat ze ginn.

Mir wollten awer och wëssen, wat op déi eenzel Gemengen duerkennt.

Leschten Donneschdeg, eng knapp Stonn virum Vote iwwer de Rapport koum zu dëser Sitzung.

Gemengen droen eng gutt Partie vum Käschtepunkt vum CGDIS. Dir erënnert Iech sécher datt mir als CSV dogéint waren, datt d'Gemengen net un der TVA-Upassung vun 15 op 17 Prozent bedeelegt goufen, mee dat mat hirem Undeel e Fond gespeist gouf fir den CGDIS ze finanzéieren.

Ech wees, de Minister seet elo dat déi Suen fir de Rettungsdéngscht jo de Gemengen ze gutt kommen.  A mir äntweren, dat wär awer net fair well wou ass oder war dann Contrepartie vum Staat?

Mir waren och géint déi Steier op den Autosassurancen fir de Rettungsdengscht well mer der Meenung bleiwen datt Staatsrecetten net sollen affectéiert ginn, se fléissen an de Budget a ginn ëmverdeelt. Mir froen eis och wat mer der Feierschutzsteier geschitt.

Ronn 100 Milliounen Euro soll de CGDIS haut kaschten.

Wëssend dat nach Personal muss agestallt ginn, wëssend dat gréisser Zentren nach ze bauen sinn. Also kann een dovun ausgoen, dat dee Budget éischter no uewen wäert evoluéieren.

Mir begréissen de Plafonnement vun de Gemengen-Contributiounen vun 2023 un, an der Héicht vum Uwuessen vun de net-affectéierten Recetten.

**Här President,**

Mir waren bereet driwwer ze schwätzen, op de CGDIS net integral sollt iwwer de Staatsbudget finanzéiert ginn amplaz den Emwee iwwer d'Gemengebudgeten ze huelen.

Jo mir haten och am Ufank d'Virstellung dat d'Finanzéierung sollt tëschent Staat a Gemengen opgedeelt ginn, koumen awer zur Konklusioun dat een sech dës Konstruktioun u sech spuere kann.

Gemengen brengen vill an de CGDIS an, hiert Matsproocherecht wäert an Zukunft awer limitéiert sinn, also kéint een och eng limitéiert finanziell Bedeelegung virgesinn.

*Gemengen participéieren jo och net um Finanzement vun der Police*.

Eng Propose déi vun Iech leider nie wierklech opgeholl ginn ass. Firwat net, kann ech bis haut net richteg novollzéien.

Wéi och ëmmer. Mir stelle fest, dat eng Majoritéit an dëser Chamber dëst anescht gesäit.  Mir stellen och fest, dat d'Finanzéierung net eppes ass, wat een net kann emol änneren. Mir wëllen awer hei festhalen dat mer en anere Finanzéierungsmodus virgezunn hätten.

**Ech deposeieren eng Motioun**

**Här President,**

De Rettungsdéngscht ass muer net méi opgedeelt a roud a wäiss.

De Rettungsdéngscht huet och keng politesch Faarw. Et ass denken ech och jidderengem egal wéi eng politesch Astellung deen huet deen engem hëlleft.

Mee all déi, déi fir eis an den Asaz ginn, solle wëssen dat eng breet Majoritéit vun dësem Haus hannert hinne steet.

Dat dëst Haus hiert Engagement respektéiert. Dat mer zesummen eis Rettungsdéngschter wëllen fir d'Zukunft opstellen.

Här President, ech ginn dofir heimat den Accord vun der CSV zu dësem Gesetz.

E fir all an all fir een, heescht de Motto vun de Pompjeen.

E CGDIS fir all an all fir de CGDIS.

Elo kennt et natierlech dorop un, dat déi Responsabel all d'Leit am CGDIS zesummebréngen an en Esprit de Corps schafen.

Ech wéilt alle Merci déi sech am Laf vun de Joeren fir eng Reorganisatioun vun de Rettungsdéngschter agesat, gestridden a geschafft hunn. Op Minister, Beamten, Kommandanten, Zenterchefen. Och deenen déi ze fréih hu misse goen an dësen Abléck net méi erliewen.

An ech soen natierlech och dem Rapporter Frank Arndt Merci fir säin Rapport.

Et ass jo op mannst fir Iech sécher dat der nom Oktober net méi vun hei bannen kennt suivéieren wéi sech dës Reform am Alldag auswierkt, mee ech si sécher Dir wäert et vun deene Plazen aus maachen wou der weider an den Asaz gitt. All Gutts.